N° 15
Entrée le 10.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 13.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Michel WOLTER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.**

Lescht Woch komm d'Nouvelle, dass Russland nees Nuklearwaffen teste wëll. De Wladimir Putin huet den internationale Vertrag gekënnegt, deen Tester vun Atomrakéite verbitt. Lëtzebuerg huet den Atomwaffeverbuetsvertrag (TPNW) bis haut net ënnerschriwwen a ratifizéiert. Lëtzebuerg huet d'UN Resolutioun "Addressing the legacy of nuclear weapons: providing victim assistance and environmental remediation to Member States affected by the use or testing of nuclear weapons" vum 12.10.2023 23-19839 matgestëmmt. Lëtzebuerg huet den Treaty on the Non-Proliferation of Nuclear Weapons (NPT) ratifizéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Mengen Informatiounen no sinn ëmmer méi NATO Länner drun intresséiert op mannst als Observerateuren op d'Meetings of State Parties vum TPNW ze goen. Wäert Lëtzebuerg och ee Vertrieder op déi nächst Meetinge schécken?

2. Huet Lëtzebuerg an der Vergaangenheet Vetrieder op dës Meetinge gescheckt? Wa jo, wat war de Fazit vum leschte Meeting un deem mir Deel geholl hunn?

3. Am August war déi éischt Conference of the Parties to the Treaty on the Non-Proliferation of Nuclear Weapons (NPT), déi soll déi grouss Konferenz vun 2026 preparéieren. Laut Speaking List huet sech Lëtzebuerg hei net zu Wuert gemellt (https://meetings.unoda.org/npt-/treaty-on-the-non-proliferation-of-nuclear-weapons-preparatory-committee-for-the-eleventh-review-conference-first-session-2023).
   - War Lëtzebuerg bei dësem Treffen dobäi?
   - Wa nee, firwat net?
   - Wäert Lëtzebuerg beim nächsten Treffen dobäi sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

www.piraten.lu